

140

59/MK - 12 j -

Mir wëllen ons nët stänneg heibanne widderhuelen.  
Déi Froe si jo beäntwert. Ech géing domat ofschléissen,  
an ech géing d'Leit heibannen alleguer invitéieren,  
fir sech mat ze assoziéieren un deem grouse Wierk  
vun der Restrukturatioun vun onser Economie.

Mir sollen ons Gedanke maachen wéi mir de Leit kënnen  
déi Mesüren, déi mir den 8. Abrëll geholl hun, erklären  
an hinnen bäibréngen, dass et an hirem Intérêt as  
an et nët ëmmer als eng Strof duerstellen. Dat sollt  
mäi Wonsch gewiescht sin, deen ech am ~~Ufank~~ am Numm  
vun der ~~demokratescher~~ Partei hei iwwerbruecht hun.  
Ech soen Iech merci fir Är Opmiirksamkeet.

M. le Président. - La parole est à l'honorable M. Weirich.

M. Weirich ( EdF ). - Här President, dir Dammen an dir Hären. Schon  
bei der Interpellatioun vum honorablen Här Goerens  
iwwert d'Politique agricole luxembourgeoise, hat  
ech mech gewonnert, dass ee Majoritéitsdeputéierten  
deen zoustännege Minister vun där Regierung interpelléi-  
ert hat, déi hien jo awer als Majoritéitsdeputéierten  
dréit an ënnerstëtzt.

Esou eng Interpellatioun kann also nët den Zweck hun dem Minister séng Politik ze kritiséieren oder ze beanstanden, well de Minister déi Aufgab ausféiert, déi him souwuel aus dem Regirungsprogramm wéi och duurch déi majoritär votéiert Gesetzer ugedroe kritt. Dofir dāerf awer och keen engem iwel huelen, wann op verschidden Hannergedanken higewise gët, déi esou staark duurchschloen, dass och bal e Blannen se muss annuechthuelen.

E jonken DP-Deputéierten interpelléiert en CSV-Minister an als Revanche interpelléiert e jonken CSV-Politiker en DP-Minister. Vlāicht en Zoufall, mä eng Tatsaach. No den Ausféierungen vum der <sup>Herrn</sup> ~~Mme~~ Reding, wéi och vum Här Goerens kann ee <sup>er</sup> soen: qui s'excuse, s'accuse. Et as eben e Spréchwuert.

Majoritéits-

M. Goerens (DP). - Ech fannen et ganz normal wann en Deputéierten e Minister interpelléiert.

M. Poos (LSAP). - <sup>Jo, ma</sup> Et muss een eppes ze soen hun.

M. Weirich (EdF). - Bei der Interpellatioun - Goerens, huet den Här Goerens versicht engem Berufsstand - dem Bauerestand

séng Suergen, Problemer a Schwiregketen ze  
rappeléieren an, ze berouegen an ze beschwichtegen,  
besonnesch wann d'Regierungspolitik vläicht an hirer  
Applikatioun denen nët all Rechnung <sup>welt</sup> gedroen-huet.

Bei der Interpellatioun vun der <sup>redieren</sup> ~~Mme~~ Reding  
as en aneren Toun ugeklongen. Zwar as och hei e  
Stand viséiert gin, den Handel, mä et huet mir awer  
geschéngt wéi wann et nët nëmnen d'Absicht wär  
dése Stand ze verdedegen, mä et sin eng Rei vun  
Zweiwelen a Froen hei an de Raum gestallt gin.

Opgrond vu verschidde Beispiller, déi ech emol guer  
nët wëll kontestéieren, gët hei riskéiert e gesamten  
Berufsstand ze jugéieren.

Et muss een sech also d'Fro stellen, ob hei versicht  
gët der Regierung <sup>hier</sup> Politik a speziell der <sup>Redieren</sup> ~~Mme~~  
Flesch hiir Politik a Saache Präisser ze verwerfen,  
respektiv ze veruertelen, oder as d' <sup>Redieren</sup> ~~Mme~~ Reding nët méi  
iwwerzeegt vun der Regierungspolitik.

Entstin elo schon Zweifel a Regierungsparteien iwwert  
d'Efficacitéit vun der Gesetzgebung vum 8. Abrëll,  
déi speziell Moosnamen virgesäit fir d'Vollbe-  
schäftegung an d'Compétitivitéit vun der Economie  
ze erhalten? Muss dofir schon rechtzäiteg

e Sënnebock gesicht gin.<sup>2</sup>

M. Poos (LSAP). - Dat ka jo nach schéin gin.

M. Weirich (EdF). - Dëst si Froen, déi engem onweigerlech an de Kapp hu misse kommen, wann een dem Interpellant nogelauschtert huet, respektiv déi tèschent de Wiederer duurchgeklonge sin.

Dass mir a schwéieren Zäite stiechen an, dass dës nach nët eriwwer sin, souguer nach méi uerg komme kënnen, mengen ech, as jidderengem klor. Souwuel dem Politiker wéi och dem gewéinleche Biirger. Dass dëst virun allem jiddereen a séngem Portemonni spiert - deen ee méi wéi deen aneren - as och eng Tatsaach. A wou et am meeschten an am beschten opfällt, dat as, wann een ëmmer manner Géigeleeschtungen fir séng Sue kritt, well eben d'Präisser andauernd a méi séier an d'Luucht gin wéi eben dat, wat an d'Pai-tut kënnt.

Dass mir also alleguer staark drun interesséiert sin, dass eben dës Präisser nët andauernd klammen, dorun dærf absolut keen Zweiwel sin, an zwar betounen ech mir alleguer. Ob dat elo Aarbechter, Beamten oder

Patron. Ob Handel, Industrie, Konsument, <sup>also</sup> oder  
Verbraucher, <sup>det</sup> si mir alleguer.

Et as nët méng Aufgab, an ech brauch weder eng  
Regirungspolitik nach e Berufsstand hei ze verdedegen.  
D'Mme Flesch huet dat versicht ze maachen, sougutt  
wéi et eben akzeptéiert gët.

Mä, wou ech awer nët d'accord ka sin, dat as, wann  
Duerstellungen avancéiert gin, déi zu falsche  
Konklusioune kënne féieren. Wa sech Liebkind bei  
enger Kategorie vu Biirger gemaach gët um Bockel  
vläicht vun enger anerer Kategorie. A schwéieren  
Zäiten däerf keng Zersplitterung kommen, mä nëmmen  
Solidaritéit kann iwwert allzegrouss Schied ewech-  
<sup>stelle</sup> bréngen.

D'Sacrificer mussen méiglechst gläichméisseg a  
gläichzäiteg op all Schëlleren verdeelt gin. Virun  
allem awer och Abusën, egal vu wou se kommen, sin  
absolut nët nëmmen <sup>net</sup> ze toleréieren, mä sin radikal  
auszemäerzen.

Esou och mat de Bestëmmungen iwwert d'Präispolitik.  
Dat, wat dekretéiert as, muss agehale gin. Dat, wat  
nët zoulässeg as, däerf och nët toleréiert gin.

145

<sup>el p<sup>u</sup>el</sup>  
Mä awer n<sup>u</sup>et zousätzlech nach Schikanen, Belaaschtungen  
an Affer bestëmmten Kategorien vu Biirger opz<sup>u</sup>wängen.  
Dat as n<sup>u</sup>et zoulässeg!

Schon duurch den Arrêté ministériel vum 25. August  
1981 an duurch den Arrêté grand-ducal vum 23. <sup>S</sup>eptember  
1981 confirméiert, gouf e Blocage des marges  
bénéficiaires en valeur absolue dekretéiert.

Vun dësem Datum un huet den Netto-Bénéfice vu kengem  
Handelsbetriib méi därerfe wuessen.

Mat der Regelung vum 8. Abrëll vun dësem Jor, gouwen  
dës Bestëmmungen nach méi drastesch, andeem e Blocage  
des marges brutes en valeur absolue gesetzlech  
fixéiert gi sin. Dat heescht an anere Wieder, de  
Bruttogewonn op engem Artikel dierf a séngem Wäert  
n<sup>u</sup>et méi héich gin, egal ëm wéivill den Akafspräis  
steigt. Ech soen de Bruttogewönn, also sin vun dësem  
Bruttogewonn ~~heng~~ <sup>d'</sup>Käschten, ~~heng~~ <sup>also d'</sup>Frais généraux  
nach ofzezéien. Elo sin awer dës Fraisën n<sup>u</sup>et blockéiert  
mat Ausnahm vun den Loyerën, <sup>Au contraire,</sup> déi Fraisën  
klammen monter an d'Luucht. Souguer stin hei d'Stats-  
an d'Gemengebetriiber mat an éischer Rei, fir dës  
Fraisën weider steigen ze loossen.

<sup>haghen</sup>  
D'Mme Reding huet dat jo och hei relevéiert.

Ech zitéieren nëmmen als Beispill d'Eisebunn, déi  
hiir Transportpräisser trotz dem Blocage des prix  
oder besser entgéint dem Blocage des prix eropsetzt.  
Dat selwecht geschitt och mat den Gemengentaxen:  
d'Waasser, de Gas, de Stroum.

D'Loukäschten steigen ebenfalls <sup>wou</sup> den Index  
zwar moduléiert, mä nët blockéiert as a mat him  
och d'Soziallaaschten.

Esouguer jhust beim <sup>H</sup>andel, wou bekanntlech an der  
grousser Majoritéit nëmmen déi niddregst Léin  
kënne bezuelt gin, kommen all Indexranchen zum  
droen. Bei gläichem Ëmsaz muss also den Netto-  
Bénéfice vum <sup>h</sup>Handel vu Mount zu Mount erofgoen.  
Kënnt dann nach derbäi, dass d'Kafkraaft eemol duurch  
d'Ofwäertung vum Frang an duurch d'Aschränkung vun de  
Verdénsgchter ëm mindestens 3 Milliarden erofgeet,  
wat ongeféier 8% Ëmsaz manner ausmécht, da ka wuel  
jiddereen sech ausrechnen, dass d'Revenuën am  
Commerce nët nëmmen blockéiert sin, mä carrément  
ofhuelen. Esou wéi wann ech bei engem Ugestallten  
nët nëmmen e gebremsten Index applizéiere géif,  
mä carrément säi Loun ëm x Prozent géing kierzen.

59/MK - 12 q -

Leien dann och nach dréckend finanziell Verpflichtungen aus Investissementer aus besseren Zäite vir, brauch keen sech ze wonneren, wann de Rythmus vun 120 jährleche Failliten erschreckend an d'Luucht geet.

Heimat wollt ech der <sup>Redin</sup> ~~Mme~~ Reding hiir Behauptung widderleën, dass durch de Blocage des marges bénéficiaires brutes dem Kommerçant säi Revenu dee selwechte géing bleiwen.

Esouwäit also iwwert de Mechanismus iwwert de Blocage des ~~Marges~~ bénéficiaires.

Den Interpellant huet un <sup>H</sup>and vun e puer Beispiller nogewisen, dass <sup>d'</sup>Produkter hei zu Lëtzebuerg méi deier sin wéi an den Nopeschlänner.

Viru Konklusiounen bei esou Vergläicher wëll ech awer ganz formell warnen.

Mme Reding (PCS), interpellateur.- Ech wollt drop hiweisen, dass ech nët nëmmen dat gesot hun. Ech hun e ganzen Dossier hei virgeluegt vun der Confédération du Commerce, déi durch Huissier nokontrolléieren gelooss huet, wéi

149

H. Decker (LUF) -&gt;

Ech weess nët, Mme Reding, firwat Dir elo nervös gitt, ech sin nach guer nët fäerdeg, loosst mech emol bis zu méngem Schluss kommen. Dir hut hei e puer Beispiller nogewisen, an ech wëll nëmme jhust soen, ir een Konklusioun bei esou Vergläicher zitt, muss ee ganz virsichtig sin.

Eischtens kann een nët einfach zwee Präisser vun deem, wat ee mengt dee selwechten Artikel ze sin, esou einfach vergläichen. D'<sup>Reding</sup>~~Mme~~ Flesch huet iwwregens och hei drop higewisen.

Kuckt emol an dene spezialiséierten Publikatiounen wéi Test-Achat, an ähnlecher, no, wéi komplizéiert et as verschidde Frabrikater op ee Vergläichsnenner ze bréngen. D'<sup>Reding</sup>~~Mme~~ Reding, Dir hut hei vun Entrecôten, Côtes à l'os geschwat, elo gët et jo awer Côtes à l'os a Côtes à l'os, an et <sup>gët</sup> Kotteletten a Kotteletten. Wéi grouss as d'Schank bei där enger a wéi grouss as se bei där anerer? Wivill Fett hänkt nach bei där enger drun, a bei där anerer nët méi? Wat as d'Qualitéit iwwerhaupt vun deem ugebuedene Fleesch? As um Enn <sup>dei</sup>, dat heescht, dat (wat nach als verwendbar bleift, nët déi deier Kottelett méi bëlleg wéi <sup>Preis?</sup> mam bëllegsten Ugebuer?

*Malheureusement le président (vice-président) n'a pas laissé développer mes autres arguments, mais que par exemple Colling, le président depuis longtemps a laissé dépasser plus de 10 min*

M. le Président. - M. Weirich, vous avez épuisé votre temps de parole, veuillez conclure, s'il vous plaît.

M. Bisdorff (PC). - En as jo och ënnerbrach gin, Här President.

M. le Président. - J'ai déjà pris en considération cette minute.

M. Weirich (EdF). - Ech wëll domat soen, dass an där ganzer Saach, ee séier virsichtig muss sin. Ech stellen natiirlech ~~och~~ fest, dass aner hir Zäit <sup>och</sup> iwwerzunn<sup>en</sup> hun. Mä ech wëll trotzdeem als Konklusioun dast hei soen. An dëser Krisenzäit as et nët richtig de Verbraucher duerch falsch an onkloer Behauptungen ze veronsécheren. Jiddereen as genügend besuergt a beonrouegt, an et brauch nët nach zousätzlech Onrou an Nervositéit provoziert ze gin, aus wat fir Grënn och ëmmer. D'géigensäitig Vertrauen ënnert de Biirger muss erhale bleiwen, an d'Opstëpplen an d'Bespitzelung ee géint deen anere kann nëmmen katastrophal Folgen hun. D'Gesetzer musse respektiert gin, an Abuën dierfen nët toleriert gin, egal op wat fir engem Plang. Och nët vu Politiker an och

nët vun Deputéierten. Wann de Stat d'Gesetzer mécht, muss hien och derfir suergen, dass hien déi néideg Infrastruktur dofir huet an, dass si respektéiert gin. Ob Denonciatioune bauen, <sup>an</sup> begünstegen oder ermonteren, as eis denkbare schlechter Erënnerung. Loosse mer eis nët vun deem deier bezueltene Wee ofbréngen, als fräi Biirger nach weider an engem fräie Land kënnen ze liewen.

Ech soen Iech merci

M. le Président. - L'orateur suivant est l'honorable M. Bisdorff.

M. Bisdorff (PC). - Här President, dir Dammen an dir Hären. Entsprechend de fréieren Aussoen vun der Interpellantin selwer hätt dës Interpellatioun iwwert d'Präispolitik vun der Regierung iwwerhaupt nët däerfte kommen. Wann ech gutt verstanen hun as si jo ervirgeruff gin duerch eng Beschleunegung vun der Präisentwécklung, déi awer nët hätt däerften antrieden, wann d'Moosnamen vum Austeritéitsgesetz, dat d'Regierung no der Ofwärtung vun eise Frang sech stëmme gelooss huet, wierksam gewiescht wär.